N°7493
Entrée le 19.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.01.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/01/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.**

Am Kader vun der Tripartite goufe finanziell Bäihëllefe fir Leit mat enger Pelletheizung gestëmmt, fir dësen Haushalter en vue vun de enorme Präissteigerungen ënnert d'Äerm ze gräifen. Dës Hëllefen ginn direkt um Präis vum Fournisseur verrechent. Fir dass de Fournisseur vun de Pellets dës Hëllefe kritt, muss de Client e Formular, eng *Déclaration sur l'honneur*, ausfëllen. Op dësem Formular sinn d'Angab vun enger ganz Rei vun Informatiounen obligatoresch. Dozou gehéiert och d'Sozialversécherungsnummer vum Client.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Firwat ass et op der *Déclaration sur l'honneur* obligatoresch, nieft dem Numm an der Adress, och d'Sozialversécherungsnummer un ze ginn, obwuel dës fir eng richteg Zoudeelung a Verrechnung vun den Aide net zwéngend noutwenneg ass?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten